Léif Frëndinnen, léif Frënn,

Fir Iech déi verschidde Säite vun der Gemengepolitik virzestellen an Iech iwwert d'Erausfuerderungen an der kommunaler Politik ze informéieren, gouf e spezifesche Formatiounsprogramm opgestallt.

Dëse Programm start **dëse Samschdeg, de 16. Januar,** a geet iwwer véier hallef Deeg (ëmmer samschdes moies). D'Formatioune sinn all Kéiers vun 09.00 bis 12:00 Auer. Déi éischt dräi fannen an der Stad um Belair am Haus vun de Franziskanerinnen (50, Avenue Gaston Diderich) statt. Déi véiert Formatioun vum 12. Mäerz mat den Themenatelieren fënnt am Chalet vun der FNEL (61a, rue de Trèves -L-2630 Luxembourg – Cents) statt. Experten aus de verschiddene Beräicher leeden d'Coursen an huelen un den Diskussiounen deel.

- **16.01.2016 – Aféierung an d'Gemengepolitik**: Wat ass eng Gemeng? Wat sinn hir Aufgaben? Wéi funktionnéiert d'Zesummespill vu Staat a Gemengen? asw.
- **30.01.2016 – Praktesch Erfahrungen**: Am Kader vun enger Table ronde diskutéiere Gemengemammen a –pappen iwwer hir Erfahrungen an der Gemengepolitik
- **20.02.2016 – Zäitmanagement**: D'Zäit ass e wichtege Punkt bei all politeschem Engagement – och an der Gemeng.
- **12.03.2016 – Themenatelieren**: A véier Gruppen geet et ëm wesentlech Punkte vun der Gemengepolitik (Urbanismus, Soziales an Integratioun, Ëmwelt, Schoul/Maison Relais).

Dir fannt méi Detailer zu dëser Offer um CSV-Internetsite ënner : https://csv.lu/formatiounen-gemengepolitik-liicht-gemaach/

Maacht mat a mellt Iech elo nach fir eng oder och fir méi Formatiounen iwwer csv@csv.lu, um Internetsite oder um Tel. 22 57 311 un!

Mat beschte Gréiss,

D'Equipe vum CSV-Generalsekretariat